

Léif Elteren,

Virun 2 Wochen huet de Comité d'école (Delegatioun vum Léierpersonal) dem Schäfferot an enger Entrevue onerwaart matgedeelt, dass d'Léierpersonal, niewent hirer eigentlecher Tâche, d'Optiounen net méi fir dat neit Schouljoer assuréiere kann/wäert.

Eng ausseruerdentlech Aarbechtssëtzung vum Conseil Communal, déi opgrond vun dësem „fait accompli“ aberuff gouf, huet dëse Samschdeg, den 20. Mäerz 2021 um 10h moies stattfonnt.

An dëser Sëtzung hunn d'Membere vum Gemengerot eestëmmeg Folgendes festgehalten:

Weder de Schäfferot, nach de Gemengerot waren Demandeur fir de besteende Schoulsystem z'änneren.

Zënter 22 Joer, also säit dem Ufank vum Projet, huet Gemeng d'Grondiddi matgedroen, mat der Konsequenz - fir dass de System opgeet - dass Samschdes Moies Schoul ass.

Nomëttes konnten eis Kanner sech a verschidde kreativ Optiounen aschreiwen, sou wéi dat vum Léierpersonal all déi Joren am Kader vun der Schoulorganisatioun, dem PEP („plan d'encadrement périscolaire“) an dem PDS („plan de développement de l'établissement scolaire“) vun der Reckenger Schoul festgehale gouf.

Am PDS definéiert d'Léierpersonal ënnert anerem och, dass d'Optiounen am pedagogesche Sënn wäertvoll sinn well d'Kanner, niewent de normale Schoulfächer moies, d'Léierpersonal an engem Fräizäit-Encadrement besser kenneléiere kënnen.

D'Schoulorganisatioun, de PEP a PDS, déi vum Ministère de l'Education nationale ofgeseent waren, goufen ëmmer vun der Gemeng aktiv, organisatoresch a finanziell ënnerstëtzt.

Virun 3 Joer war d'Schouldirektioun (Ministère) net méi bereet d'Optiounsstonne am Kontingent („appui pédagogique“) mat opzehuelen, an op Demande vum Léierpersonal hin, huet d'Gemeng des Optiounen a Form vun engem Kontrakt mat all eenzelen Enseignant als ausserschoulesch (zousätzlech) Stonne bezuelt.

Fir dës ausserschoulesch Optiounsstonnen ofzehalen, an en plus déi Enseignanten z'ersetzen, déi aus diverse Grënn keng Optiounen hale konnten, gouf et déi lescht Joren ëmmer méi komplizéiert déi qualifizéiert Leit dofir ze fannen.

Ausserdeem stellt de Gemengerot fest, dass e Problem mam aktuellen Horaire besteet: Deen domadder verbonnene Samschde Moien ass net méi zäitgeméiss. De Projet gouf virun 22 Joer ausgeschafft an huet perfekt op d'Gegebenheete vun deemools gepasst. An de leschten zwee Joerzénge huet d'Beruffswelt sech awer weiderentwéckelt an de System passt net méi onbedéngt op déi haiteg Realitéit.

Duerch déi rezent Matdeelung vum Léierpersonal an den Zäitdrock, an deem mir ons elo als Gemeng befannen, ass et aus verschiddene Grënn awer net méiglech, scho fir d'nächst Schouljoer de System z'änneren:

- De Kontingent vum Ministère kënn des Woch eraus a well mir un Delaie gebonne sinn, si mir deemno och ze spéit u fir op wicteg Froe schonn eng Äntwert respektiv eng Solutioun ze hunn.
- Déi néideg Infrastrukture sinn nach net prett. D'Maison Relais huet zur Zäit net genuch Kapazitéit, fir nach weider Schoulkanner opzehuelen, déi soss an Optioune gaange wieren.
- Well mir keng eege Schwemm hunn, si mir u fräi Plagë vun de Schwemmen an onser Ëmgéigend gebonnen.
- D'Optioune sinn en Deel vun engem zesummenhängende Schoulkonzept (Schoulorganisatioun, PDS a PEP).
- Ouni Optioune maachen deen aktuelle PDS an deen aktuelle PEP kee Sënn méi.

De Virschlag vum Léierpersonal fir d'Optioune bäizehalen an d'Organisatioun vun den Nomëtteger an d'Hänn vun der Gemeng ze leeë ka vum Gemengerot net iwweholl ginn. D'Gemeng huet net d'Kompetenze fir ze garantéieren, dass déi pedagogesch Ziler erreecht ginn.

Well dës Konditiounen net erfëllt sinn, huet de Gemengerot eestëmmeg folgend Decisioun geholl:

- Den aktuelle Schoulsystem (Pedagogie & Horaire) bleift weiderhi bestoe wéi en ass, awer just nach esou laang, bis d'Maison Relais a Betrib geholl gëtt, viraussichtlech an zwee Joer.
- Ab deem Zäitpunkt gi mir op den traditionellen Horaire eriwwe, wéi en am ganze Land ass: Doduerch kréien och eis Matbierger, déi hire Beruffsalldag ronderëm den aktuelle Schoulsystem organiséiert hunn, d'Méiglechkeet fir hir perséinlech Situatioun unzepassen.
- Wa mir mam Léierpersonal net genuch qualifizéiert Personal zesumme kréien, wäerte keng pedagogesch Optioune méi stattfannen.
- An dësem Fall probéiert de Gemengerot, mat Ënnerstëtzung vun engem externe Prestataire, d'Kanner nomëttes beschtméiglechst ze encadréieren, bis déi nei Maison Relais hir Dieren opmécht an den Impakt vum Changement kann opfänken.

Matgedeelt vum Schäffen- a Gemengerot.

Reckeng op der Mess, den 23. März 2021

Chers parents,

Lors d'une entrevue ayant eu lieu il y a deux semaines, le comité d'école (la délégation du personnel enseignant) a informé le collège échevinal que les enseignants ne pourraient et n'allaient plus assurer les cours d'option à côté de leur tâche régulière.

Sur base de ce «fait accompli», une réunion de travail extraordinaire du conseil communal a été convoquée ce samedi 20 mars 2021 à 10h du matin.

Lors de cette séance, les membres du conseil communal ont retenu les points suivants:

Ni le collège échevinal, ni le conseil communal n'a été demandeur d'un changement au niveau du système scolaire en vigueur.

Depuis 22 ans, donc depuis le début du projet, la commune a soutenu l'idée fondamentale et, par conséquence, les cours scolaires du samedi matin, pour que le système en question fonctionne.

Durant les après-midi, les enfants pouvaient s'inscrire dans différentes options créatives, comme retenu par le personnel enseignant dans le cadre de l'organisation scolaire, du PEP («plan d'encadrement périscolaire») et du PDS «plan de développement de l'établissement scolaire» de l'école fondamentale de Reckange-sur-Mess.

Dans le PDS, le corps enseignant définit entre autre la forte valeur ajoutée pédagogique des cours d'option car, à côté des cours scolaires du matin, les élèves ont la possibilité de faire plus amplement connaissance avec les enseignants dans un cadre de loisirs.

La commune a toujours activement apporté tout son soutien financier et organisationnel à ce système scolaire, au PEP et PDS, tous approuvés par le Ministère de l'Education nationale.

Il y a trois ans, la direction d'école (le ministère) a déclaré ne plus intégrer les cours d'option dans le contingent (appui pédagogique) et sur demande du corps enseignant, la commune a donc rémunéré ces heures périscolaires et supplémentaires sur base d'un contrat avec chaque enseignant.

Durant ces dernières années, pour assurer ces cours d'option périscolaires et, de surcroît, remplacer les enseignants qui, pour diverses raisons, ne pouvaient plus assurer les cours d'option, il a été de plus en plus compliqué de trouver des personnes qualifiées.

De plus, le conseil communal constate que le problème provient également de l'horaire en vigueur: les cours du samedi matin ne sont plus du tout contemporains. Le projet, mis au point il y a 22 ans, collait parfaitement à son époque. Mais durant les deux dernières décennies, le monde du travail a continué à se développer et le système ne s'adapte plus forcément à la réalité d'aujourd'hui.

Sur base de la communication récente du corps enseignant et des délais très restreints imposés à la commune, il nous sera impossible de modifier le système pour la prochaine année scolaire, ceci pour les raisons suivantes:

- Le ministère publie son contingent cette semaine-ci. Comme nous sommes liés à des délais, il est trop tard pour avoir des réponses, respectivement des solutions à certaines questions importantes.
- Les infrastructures nécessaires ne sont pas prêtes. La maison relais n'a pour l'instant pas les capacités nécessaires pour accueillir des élèves supplémentaires qui, en temps normal, se seraient rendus dans leurs cours d'option.
- Comme nous n'avons pas notre propre centre de natation, nous sommes dépendant de plages libres dans les piscines environnantes.
- Les options font partie d'un concept scolaire cohérent (organisation scolaire, PDS et PEP).
- Sans les options, le PDS en vigueur et le PEP en vigueur perdent tout leur sens.

La proposition du personnel scolaire de conserver les cours d'option et de confier l'organisation des après-midi à la commune ne peut être approuvée par le collège échevinal. La commune n'a pas les compétences requises pour atteindre les objectifs pédagogiques en question.

Comme ces conditions ne sont pas remplies, le conseil communal a approuvé unanimement la décision suivante:

- Le système scolaire actuel (pédagogie et horaire) est conservé jusqu'à la mise en service de la nouvelle maison relais, actuellement en construction, dans environ 2 ans.
- Dès lors, nous migrerons vers l'horaire traditionnel, en vigueur dans le reste du pays. Cela donnera à nos concitoyens, ayant articulé leur quotidien professionnel autour du système scolaire actuel, la possibilité d'adapter leur situation personnelle.
- Si, en collaboration avec le personnel enseignant, nous n'arrivons pas à réunir assez de personnel qualifié, les options pédagogiques ne pourront plus avoir lieu.
- Dans ce cas, le conseil communal tentera d'encadrer le mieux possible les enfants durant les après-midi, avec l'aide de prestataires externes, jusqu'à ce que l'ouverture de la nouvelle maison relais puisse absorber l'impact de ce changement.

Communiqué par le collège échevinal et le conseil communal.

Reckange-sur-Mess, le 23 mars 2021